Juli 2018 - I

Keng Trennung vu Kierch a Staat zu Beetebuerg

Trennung vu Kierch a Staat gëtt et bei der Beetebuerger 3er-Koalitioun net!

Obwuel déi aktuell Regierung endlech d'Trennung vu Kierch a Staat ëmgesat huet, huet de Schäfferot - an totaler Kontradictioun dozou - viru kuerzem der Kierch gréng Luucht ginn, fir an eise Schoule Flyeren un d'Kanner auszedeelen a se opzefuerderen, fir no der Schoul an de kathoulesche Reliounsunterrecht ze goen.

Eis Fraktioun ass skandaliséiert a fuerdert de Réckzuch vun dëser Autorisatioun. Mir kënnen net toleréieren, datt eis Schoulstrukturen an de Corps Enseignant vu privaten Institutioune benotzt gi fir Propaganda ze maachen.

Wéi verhält sech de Schäfferot, wann dann an Zukunft nach aner Konfessiounen dat selwecht wëlle maachen?

Parking Gare zu Beetebuerg

Leider huet de Schäfferot der LSAP hir Iddi, fir eng kleng Erweiderung vum Parking op der Gare ze realiséieren, eng weider Kéier net berécksiichtegt. Hei hätt d'Gemeng de Beetebuerger Leit -an der Geschäftswelt- eng Rei reservéiert Parkplaze weider kéinten ubidden, an och eng Verbindung fir Vëlo a Foussgänger kéinte schafen. Leider war dat e kloren NEE vum Schäfferot.

D'LSAP huet sech fir den Accès op de Garer Parking vum Süden aus iwwert d'Zone d'activités Krakelshaff (Garage Winandy) ausgeschwat, a fir datt just d'Awunner vun der Beetebuerger Gemeng an d'Bussen en Accès vun der Gare aus sollte kréien.

De Schäfferot huet hei erëm d'Geleeënheet verpasst, fir der Agonie vun eiser lokaler Geschäftswelt entgéint ze wierken an den Awunner vu Beetebuerg dréngende Parkraum unzebidden. An deem selwechten Otemzuch hätt een déi néideg Konditioune geschaf fir d'Mobilité douce am Uertschaftskär richteg ze förderen.

Juli 2018 - II

Park um Krakelshaff

Mir begréissen, dass de Schäfferot no iwwer 7 Joer deen -vun der LSAP ausgeschaffte Projet vun engem Park um Site Krakelshaff- ervirgeholl huet, an dee vun eis geplangte Park endlech realiséiert!

Mat der LSAP wier dee Plang scho laang ëmgesat **ginn!**

Maison Relais – keng Viraussiicht!

Eréischt nodeems eng Bëschcrèche prioritär beim Foussballsterrain gebaut gouf, huet de Schäfferot gemierkt, datt eng ronn 200 Plazen an de Betreiungsstrukture feelen.

De Projet vun enger neier Maison Relais bei der Reebouschoul huet bis elo geschleeft, an et wäert nach laang daueren bis datt déi éischt Kanner do kënnen opgeholl ginn.

Eng Léisung dofir ass awer elo fonnt ginn: et gëtt e Provisorium an der Fernand Mertens Strooss opgeriicht:

Präis vum Terrain: 2.000.000,00 €
Präis vum Provisorium: 6.500.000,00 €
Präis vun den Alentouren (Parking, Trëttoiren…) : 608.400,00 €

TOTAL: 9.108.400,00 € !

De Sprangbur an der Garerstrooss : en TRAUERSPILL

D'LSAP huet nogefrot firwat de Sprangbur an der Garer Strooss net méi géif funktionéieren? 1 Stonn duerno war dat Spillchen nees a Betrib, awer nëmmen esou hallef. Et spruddelt net richteg, et ass keen Drock dohannert, dem Sprangbur geet esou lues „d 'Waasser" aus… Ass dat en Zeechen??!

A fir dat Trauerspill ass d'Unterführung zougeschott ginn!

Op gutt Lëtzebuergesch: eise Schäfferot huet kee Plang fir Beetebuerg a seng Zukunft. Zesummenhalt a gutt liewe si leider keen Thema!